ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Jeff Engelen

Tratten, den 8. Februar 2022

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- datt d'Lëtzebuerger Schwéngsbaueren opgrond vun internationalen Entwécklunge finanziell staark ënner Drock stinn,
- datt den EU-Deputéierten an Agrarspriecher vun der EVP, Herbert Dorfmann, vun enger „historesch" schwéierer Situatioun um Schwéngefleeschmarché schwätzt,
- datt sech d'Situatioun fir d'Schwéngsbauere weider verschäerft, well si aktuell Rekordpräisser fir d'Fudder-an Düngemëttel bezuele mussen,
- datt déi franséisch sougenannten „Interprofessioun fir Schwéngefleesch" (Inaporc) schonn op de Wee gaangen ass, fir staatlech Ënnerstëtzung unzefroen,
- datt den Här Landwirtschaftsminister an engem Interview mat der Zeitung „De Lëtzebuerger Bauer" matgedeelt huet, datt d'Europäesch Unioun sech schwéier domat deet, de Schwéngsbaueren zousätzlech finanziell Ënnerstëtzung zoukommen ze loossen,

fuerdert d'Regierung op,

- déi néideg Dispositiounen ze ënnerhuelen, fir de Lëtzebuerger Schwéngsbaueren op nationalem Niveau finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen.